

WANDROUS

N°370 Wäimount / Allerhellegemount / Krëschtmount 2018
Oktober / November / Dezember



Kënnt 5 mol pro Joér raus
Abonnement 25,00 Euro
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)
 > resp. CheffenEkipp LBB
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!






Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25



D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

WUERT vun de Cheffen un d'Elteren

(texte français sur www.lionsbleus.lu sous " Publications ")

Fir können dëst Scoutsjoër besser ze organiséieren, bidden mir lerch folgend Zeilen ganz gudd duerchzeliesen an ze respektéieren.

VIRWAAT dës Säit?

Mir wëllen heimat eiser jonker & motivéierter Cheffenekipp d'Liewen erlichteren an sie an hierem Benevolat énnerstëtzen. Regelméisseg musse mir e Mangel u Respekt virun den Deadlines feststellen.

ALLGEMENGES zur Organisatioun Scoutsjoör 2018-2019

Versammlungen: Ëmmer vun 14-16 Auer & Oofmellen (mat Zäit) falls de nët solls kommen, dem Wieder ugepassten/aal Kleeder undoën, Kaap, evtl. eppes ze drénken (Bidon) & natirlech Schlappen fir am Home > an wgl Alles gezechent !!!

Sortie/Aktivitéit: Dem Wieder ugepasste Kleeder, Bierschong, Kaap/Sonnecréme, eppes ze drénken (Bidon), K-Way an all aanert Equipement waat op der Invitation steet.

Bezuelen/Souchen: D'Lëschten vun den Paiementer/Umeldungen ginn virun der Aktivitéit nogekuckt. Falls dës nët erfollegt sinn, muss een leider doheim bleiwen.

Medikamenter: Dës w.g.l. um Rendez-Vous dem responsablen Chef oofginn, fir dat op den jeweilegen Aktivitéiten d'Anhuelen vun dësen garantéiert kann ginn.

Behuelen: Wann eis sollt een Kand négativ opfaalen, aus der Reih danzen, Onrou énnert der Groupe stëften... huelen mir eis d'Recht, d'Elteren unzeruffen fir d'Kand sichen ze kommen, egal wou d'Aktivitéit stattfënnt.

Uniform: Den Foulard ass émmer Pflicht & op den Aktivitéiten hues du selbstverständlech däin Uniformshiem un, fir den Scoutsprinzipien trei ze bleiwen. Falls eppes aaneres erwënscht ass, schreiwen mir dëst émmer an d'Invitation.

SPILLREGEEN fir aktiv Memberen vun den Lions Bleus

Mir bidden lerch also folgend Fichen

1_Wuert vum Chef un Elteren 2_Souche inscription 3_Fiche médicale 18-19 komplett&korrekt auszefällen, ze énnerschreiwen an wgl per Pabeier bei engem Chef oofzeginn oder per Post (B.P. 23 L-5801 Hesperange) zoukommen ze loossen bis allerspäidstens den 10.11.2018.

**Hun mir dës Fichen nët virum Stéchdatum eran kritt,
kann ärt d'Kand leider nët méi participéieren.**

Frëndlech Scoutsgréiss :)

Ech _____ Mamm/Papp vum _____ hun
folgend Spillregelen geliess an wëll dës gären respektéiren fir eis an den Cheffen
d'Liewen méi liicht ze maachen.

Datum _____ Ënnerschrëft _____

HOT - important - HOT Souche inscription

Léiwe Scoutsfrënd, léiwe Member, léiw Elteren,

Wéi der bestëmmt schon wësst, huet d'Europäesch Kommissiouen en neit Gesetz zur Protection vun perséinlechen Donnéën gestëmmt. D'FNEL an eise Groupe hun dowéinst nei Regelen opgesaat, déi dir och op www.lionsbleus.lu ënner "Publications" fannt.

Fir dat mir an déser Thematik mam Gesetz konform sinn, zielen mir op Är Mathélf. Mir wieren vrou, wann dir eis bestätege géift, dat Dir nach émmer een Deel vun der Scoutsbewegung sidd, déi nei Fiche d'Inscription nei géift ausfällen an eis virum 10. November 2018 zeréckschécken oder oofginn. Dës fannt Dir och op eiser Homepage énner "Publications".

Am Fall dass Dir dës Fiche nüt am Délai eraschéckt, gi mir dovun aus, dat Dir mat den neie Regelen an Reglementer zum Datenschutz averstaane sidd.

Fir weider Froën sti mir natiirlech zur Verfügung.

Souche d'inscription

FNEL Scouten
61a, rue de Trèves L-2620 Luxembourg
Tél.: 26 490 450 mail@fnel.lu



INSCRIPTION

Nom / Prénom de l'adhérent _____

Adresse complète _____

Téléphone fixe _____ Téléphone portable _____ GSM _____

Date de naissance _____ Matricule sociale _____ Nationalité _____

M _____ F _____

m'engage comme _____

Beverin (6-8 ans) Louve(eau) (9-11 ans) Scout(e) (11-18 ans) Explorer (18-26 ans) Leader (26-35 ans) Chef (à partir de 18 ans) Autre _____

Représentant(s) légal(e)s

1. Nom & Adresse _____
Lien de parenté _____
E-mail _____ Tél. / GSM _____

2. Nom & Adresse _____
Lien de parenté _____
E-mail _____ Tél. / GSM _____

Le / La sousigné(e) _____

Mon engagement _____

Je déclare par la présente soumission que j'adhère à l'association de l'adhérent (mention ci-dessous) à titre actif et du groupe ou de la Fédération auquel il sera assigné, conformément aux statuts et règlements internes qu'il a signé par cette association. Le seul auteur du nom / nommera alors suffisant.

Je déclare par la présente soumission que je suis membre personnel de la FNEL, qui se trouve affichée sur le site web de la FNEL, et que je suis membre de la Fédération ou de l'un des groupes ou des manifestations permanentes de l'adhérent et/ou (les) représentants légal(e)s assent utilisées dans le cas de l'adhérent ou de ses fils.

Je serai toutefois informé(e) plus tard des manifestations saisonnières et/ou temporaires à l'adhérent et/ou en cas de nécessité sans fin / au fil de l'opinion publique pour les besoins de l'adhérent et/ou le groupe dans la presse et dans tout autre but non commercial de 14 à la communication de la situation ou des groupes.

DATE ET SIGNATURE (du représentant légal pour les mineurs)

Cher ami scout, Cher membre, Chers parents,

Scouts & Guides

Vous avez sûrement entendu parler du nouveau Règlement sur la protection des données. La FNEL et notre groupe ont adopté la " Politique de traitement des données personnelles de la FNEL " qui est affiché sur www.lionsbleus.lu sous " Publications ..

Pour la mise en conformité à ce règlement nous comptons sur votre collaboration. Ainsi nous vous saurions gré de bien vouloir reconfirmer votre adhérence au mouvement scout en nous renvoyant ou retournant la nouvelle fiche d'inscription, dûment remplie et signée, (dernier délai: 10 novembre 2018) au plus tard.

Le non renvoi de la fiche adh  rance vaudra  galement consentement explicite de votre part pour pouvoir traiter vos donn  es personnelles.

N'hésitez pas à nous contacter pour toute information complémentaire.

Meilleures salutations scouts :)

Gremium chefs de groupe

HOT - important - HOT

Fiche Médicale

Léiw Elteren,

Vum lëtzebuergëschén Gesetz hir sinn mir verpflicht, èmmer um neisten Stand ze sinn, waat d'Gesondheet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëllen mir ierch bidden, fir d'Scoutsjoër 2018-2019 eng Fiche Médicale auszeféllen an den Cheffen oofzeginn. Dës ganz Donnéen ginn vertrauléch behandelt an ginn vun den jeweilegen Cheffen en Discretioun stockéiert.

Gesetzlech sinn mir ausserdem verpflicht, no engem Joërl dës Fichen ze vernichten esou dass keen méi Accès op dës Donnéen huet.

Dës Fiche fannt dir op eisem Site énnert dem Lien "Publications" (<http://www.lionsbleus.lu>). Déi ausgefüllten Fiche Médicale kënn dir dem respektiven Chef oofginn oder op eis Boite Postale schécken.

Leider sinn mir vepflicht ärt Kand nüt méi matzehuelen, wann dës Fiche nüt bis den 10. November 2018 richteg ausgefüllt bei ons ukomm ass.

fnel scouts & guides

**Fiche santé individuelle
2018-2019**

A compléter par les parents ou tout membre majeur au début de chaque année scolaire et avant le camp:
Cette fiche a pour objectif d'être au plus près de votre évolution physique et mentale en cours d'année. Elle aide un adulte à prendre les responsabilités associées au personnel encadrant ces camps. Il est essentiel que les renseignements que vous fournierez soient complets, précis et que vous décriviez au mieux vos activités sportives. N'hésitez pas à ajouter des informations supplémentaires si nécessaire et à faire votre meilleure utilité.

Identité du participant
Prénom : [redacted] Nom : [redacted]
Date de naissance : [redacted]
Adresse : [redacted]
E-mail : [redacted]

Personnes à contacter en cas d'urgence
1 Nom & Adresse : [redacted] Tél. : [redacted]
Lien de parenté : [redacted]
E-mail : [redacted]
2 Nom & Adresse : [redacted] Tél. : [redacted]
Lien de parenté : [redacted]
E-mail : [redacted]

Maladies/traumatismes
1 Nom & Adresse : [redacted] Tél. : [redacted]
E-mail : [redacted]
2 Nom & Adresse : [redacted] Tél. : [redacted]
E-mail : [redacted]

Informations relatives au caractère et aux intérêts de l'enfant du participant
Le participant prendra sa part aux activités proposées ? (sport, excursion, jeu, rétention...)
Habillement et équipement nécessaires au participant

Y a-t-il des habitudes particulières nécessitant à surveiller pour le bon déroulement de l'activité du camp ? (ex : allergie, rhume, maladie, asthme, diabète, mal de transports, phobie, insomnie, difficultés de concentration, mal de tête, mal de cœur ou mental...) Indiquer le fréquence, le gravité et les actions à mettre en œuvre pour les éviter ou y faire face.

SPECIMEN

Chers parents,

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scoute 2018-2019 et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garantis à être traitées avec discréction et ne sont utilisés que par les personnes responsables concernées.

Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.

Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications"(<http://www.lionsbleus.lu>). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.

Malheureusement, nous sommes obligés à ne plus laisser participer votre enfant aux activités, si cette fiche n'est remplie et remise avant le 10 novembre 2018.

Merci pour votre compréhension


Meilleures salutations scouts :
Gremium chefs de groupe

Tip-Top Uniform

Tip-Top Uniform

Op deenen meeschten Aktivitéiten ewéi Pow-Wow, Sorties, Camps oder Weekend'er, doen mir eis **Uniform** un. Fir dass du wees, ewéi eng **TIP-TOP UNIFORM** ausgesait, hu mir elo hei eng kleng Erklärung ginn. Esou ass hei e Beispill vun der **Uniform**, wéi's du an Zukunft solls op Aktivitéiten undoën, wann së gefuerdert ass.

Hues du nach **Froën?** Dann kanns du gären **däin Chef** froën, dat hien dir alles erklärt waat's du nach wëssen wëlls.



Am **LBB-Shop** an **eisem Home** kriss du **Gruppensaachen** ewèi:

> **Pullover, T-Shirt, Kaap & an nach villes mèi ...)**

Du kriss also Alles waat mat de **Lions Bleus** ze dinn huet, awer och Kniert fir an däin Foulard, Scoutsbichelecher ewéi och de Vademecum...

Fir däin **Uniformshiem** ze kaafen, muss du an **d'FNEL op den Cents** fueren. Do kriss du och däin richtegen **Rimm** an all d'**Badger** déi sollen op dénger **Uniform** sinn.

Dës Saachen déi hei opgelëscht sinn an der Zeechnung sinn **Pflischt** op der **Uniform** an gehéieren zum **Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover** wéi den Kapp um Hals, vum Foulard bis bei de Rimm.

Cheffen 2018-2019

D'Cheffen vun de Lions Bleus Joërgang 2018-2019 stellen sëch fir

Léif Elteren,

Dëst sinn dëi Jugendläch (an manner Jugendläch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dëi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité. Zéckt nüt fir dëi verschidden Léit ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzläch Informatiounen braucht.



Cheffen

Chef de Groupe:

Numm: Schmitt Lex (Atra)	GSM: 661 365 188	E-Mail: lex.schmitt90@gmail.com	Gebuer: 19/09/1990	Formation: CT
-----------------------------	---------------------	------------------------------------	-----------------------	------------------

Assistants Chefs de Groupe:

Numm: Fischer Manon (Tamia)	GSM: 621 503 232	E-Mail: tamia@lionsbleus.lu	Gebuer: 20/08/1981	Formation: CT
Lampach Christophe (Kodiak)	691 505 057	kodiak@vo.lu	17/11/1980	RUE
Majerus Patrick (Grizzly)	691 790 239	grizzly@lionsbleus.lu	17/08/1968	RUE
Englebert Lara (Spitzki)	621 281 608	lara.englert@gmail.com	26/06/1998	CC
Flammang Adrien (Bagheera)	621 231 190	dridri@pt.lu	05/01/1997	CM
Heinen Catherine (Kaa)	621 691 993	heinensendelcath@gmail.com	07/03/1997	CM

Konto

Les Lions Bleus a.s.b.l.
CCPL: IBAN LU82 1111 0498 5493 0000

Allgemeng E-mail: cheffen@lionsbleus.lu
Just Chef de Groupe: cg@lionsbleus.lu

Cheffen 2018-2019



Vu lénks no riets: Quagga, Hawky, Inia, Grigri, Spitzki, TicTac, Keo

Beaver

Konto:

Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

Allgemeng Email:
beaver@lionsbleus.lu

Chef de colonie:

Numm: Englebert Lara (Spitzki)	GSM: 621 281 608	E-Mail: lara.nglebert@gmail.com	Gebuer: 26/06/1998	Formation: CC
-----------------------------------	---------------------	---	-----------------------	------------------

Assistants chefs de colonie:

Numm: Flammang Raphael (Hawky)	GSM: 621 720 024	E-Mail: raphflam@pt.lu	Gebuer: 07/04/2000	Formation: CC
Cédric Pepin (Keo)	621 368 132	cc.pepin@gmail.com	06/06/2000	ACC
Lorang Mika (Tic-Tac)	621 684 622	mika.lorang@hotmail.com	22/12/1997	CC
Schmitt Lena (Inia)	691 790 692	lena.schmitt93@hotmail.de	06/07/1993	CC
Heinen Nora (Quagga)	621 659 000	heino_044@hotmail.com	23/04/1993	CC

Meute

Konto:

Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

Allgemeng Email:
meute@lionsbleus.lu



Vu lénks no riets: Tschill, Bagheera, Rashka, Baloo, Kaa

Chef de Meute

Numm: Adrien Flammang (Bagheera)	GSM: 621 231 190	E-Mail: dridri@pt.lu	Gebuer: 05/01/1997	Formation: CM
-------------------------------------	---------------------	---	-----------------------	------------------

Assistants chefs de meute:

Numm: Catherine Heinen (Kaa)	GSM: 621 691 993	E-Mail: heinensendelcath@gmail.com	Gebuer: 07/03/1997	Formation: CM
Sarah Simonis (Rashka)	661 352 010	sarah@simonis.lu	18/05/1999	CM
Harry Lamamra (Baloo)	691 588 664	harry-nadir@hotmail.fr	16/07/2000	CM
Anne-Marie Frantz (Tschill)	621 633 565	anne-marie.frantz@hotmail.com	22/02/1998	ACMNB
Justin Vinandy (Hathi)	691 664 991	...	13/12/1998	ACMNB

Cheffen 2018-2019



Troupe

Konto:

Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

Allgemeng Email:
troupe@lionsbleus.lu

Vu lénks no riets: Tamia, Ketty, Aleksis, Charel

Chef de Troupe:

Numm: Manon Fischer (Tamia)	GSM: 691 503 232	E-Mail: tamia@lionsbleus.lu	Gebuer: 20/08/1981	Formation: CT
--------------------------------	---------------------	---	-----------------------	------------------

Assistants Chefs de Troupe:

Numm: Ketty Majerus Charel Simonis Aleksis Piron Christophe Reiners	GSM: 621 147 158 661 698 827 621 376 616 621 166 095	E-Mail: ketty.majerus@outlook.de charel@simonis.com aleksispiron@yahoo.com christophe.reiners@hotmail.com	Gebuer: 17/07/2001 21/09/2000 22/08/2000 23/11/1992	Formation: ACT ACT ACT CT
---	--	---	---	---------------------------------------

Rov-Ex

Konto:

Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

Allgemeng Email:
explorer@lionsbleus.lu



Vu lénks no riets: Max, Eric

Responsable RovEx:

Numm: Eric Macé Schmitt Lex (Atra)	GSM: 621 232 780 661 365 188	E-Mail: eric.mace@hotmail.com lex.schmitt90@gmail.com	Gebuer: 08/09/1997 19/09/1990	Formation: RUE (Resp EX) CT (Respo RO)
--	------------------------------------	---	-------------------------------------	--

Assistants Responsables RovEx:

Numm: Max Majerus Felix Reiff	GSM: 621 377 048 +4915110197547	E-Mail: majerus.max@outlook.de felix-reiff@gmx.de	Gebuer: 07/09/1999 18/07/1998	Formation: ARUE ARUENB
-------------------------------------	---------------------------------------	---	-------------------------------------	------------------------------

Souche Montée

fir BV,LX,SG,EX



En neit Scoutsjoer fänkt un.
Et gët grouss Beaver, Wöllef an Scouten,
dèi den nächsten Schrëtt op hierem
Scoutswee maan. Sou gët aus engem
grousse Beaver e klengen Wöllefchen, aus
engem groussen Wöllefchen e klengen
Scout an aus engem groussen Scout e
klengen Explorer.

Mell dëch also sèier un, fir déng
Scoutskollegen op dësem Wee ze
begleeden an zesummen e flotten
Weekend ze erliewen.



Wèini:

6.-7. Oktober 2018

Wou:

beim Home Lions Bleus

Rendez-Vous:

6.Oktober 2018 um 14h00 beim Home

Retour: fir Beaver:

6.Oktober 2018 um 18h00 beim Home

fir de Rescht:

7. Oktober 2018 um 15h00 beim Home

Präiss:

20,00 €, bis den 29.September 2018 op den Compte vun den
Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze
iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée2018 + Numm vum Participant.

>>> Beaver brauchen nix ze bezuelen, **ausser dèi BV dèi d'Montée**
maan, mussen 20€ bezuelen.

Souche:

Ass bis spéidstens den 29.September 2018 bei dèngem Chef oofzeginn !!!


Waat brauchs du alles:

Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht&Täschenmesser,
Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong...

d'Cheffenéquipe




Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech erlaaben
mèngem Beaver/Wöllefchen/Scout/Guide/Explorer

.....
un der Montée 2018 vum 6.-7.10.2018
zu Bouneweg deelzehuelen.




.....
Énnerschrëft vun den Elteren

Jota-Joti

fir SG,EX,RO...

Léier nei Scouter vun der ganzer Welt kennen an niewenbai ALLES iwwer modern an klassësch Kommunikatioun! Dofir ass all Joërs émmer Enn Oktober op der ganzer Welt een speziellen Jamboree an zwar den sougenannten Jota Joti. Daat Ganzt leeft oof iwwer Funk & Internet, waat ganz flott ass, well an eisem Zäitalter mat Facebook & Co kann een do einfach Frëndschafte schléissen an dono erhaalen, respektiv mat aalen nationalen & internationalen Scoutkollegen Kontakt haalen... An genee dowéinst ass den Jamboree On The Air & den Jamboree On The Internet do!

**Départ:**

Samsdes, den 20.Oktoper 2018 um 9.00 Auer um Parking vum Mamer Lycée an tip-toper Uniform.

Retour:

Sonndes, den 21.Oktoper 2018 um 11.30 zu Mamer beim Scoutshome vun den Mamer Wiselen.

Präiss:

25 € sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 6.Oktoper 2018 op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mentioun "JotaJoti+Numm vum Kand".

Material:


Schloofsaack, Draphousse&Carrymatt, Gamelle&co, Kichenduch, Bierschong, Wäschsaachen, Pijama, Täschenluucht & Täschenmesser, dem Scout seng 7Saachen, dem Wieder ugepassten Kleeder, ...

Souche:

ass bis den **6.Oktoper 2018** oofzegginn bei déngen Cheffen.



Heimat erlaaben ech _____ ménagem Scout/Explorer/Rover dem



_____ um Jota-Joti 2018 vum
20-21/10/2018 deelzehuelen an iwwerweisen
den Montant am Délai.

Ënnerschrëft _____



LBB Schaff-Weekend

fir jiddereen

!!! UN ALL EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN !!!

D'Fénsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nüt méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum **17.-18.November 2018** am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nüt däin Schued sinn. Natiirlech gët nüt némme geschafft. NeeNee !!! Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näisch vun Näisch kënnt :):)) Allerdéngs ass émmer eng Aarbësch dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nüt ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!
**Also mell dëch séier mat der Souche un
oder schreiw e Mail op cg@lionsbleus.lu !!!**

WICHTEG INFOS:

Rendez-Vous:

Den 17.November 18 um8 Auer MAT Kaffi
.....9 Auer OUNI Kaffi



Schluss:

Den 18.November 18 um 16 Auer.

Wou?

Natiirlech am Home.

Waat brauchs du?

Schaffhännchen, nüt déi neisten Kleeder &
natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...

dëng SOUCHE:

Dës kanns du oofgin beim Atra oder engem Comitémember
oder du schécks eng Mail op cg@lionsbleus.lu



Heimat mellen ech _____ möch un fir de Schaff-Weekend am Home fir
den 17.-18.November 2018 an kommen

- um 8 mat Kaffi
- um 9 ouni Kaffi
(WEG ukraizen)

Énnerschrëft: _____



SchlittschongSORTIE

fir Wöllef(LX)

Sou lues verstëbsen eis Schlittschong am Keller !



Dofir gëtt et héich Zäit, dass mir se mol erëm benotzen ! Mell dech séier un fir dass mir och mat DIR e puer Pirouetten dréien kennen.



- Rendez-Vous:** Samstes, den 24.11.18 um 09:30 Auer um Parking op der Kockelscheier bei der Barrière.
- Retour:** Samstes, den 24.11.18 um 12:30 Auer wèi um Rendez-vous.
- Präiss:** **5 Euro** sinn op den Rendez-vous matzebréngen !!!
- Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 10.11.2018 !!!
- Waat brauchs du:** Bierschong, Händschen/Schaal/Mutz, Bidon mat Waasser, >>> Schlittschong fir dèi dèi der hun ...

Heimat erlaaben ech

méngem Kand

den 24.11.2018 op d`SchlittschongSortie matzegoën.



Ënnerschrëft.....

ROVER-Weekend

fir d'Rover(RO)

ROVER-WE



Wanter Editioune 2018

Ganz genee, du lies richteg,
am Dezember steet en Rover-WE virun der Dir.

An dëst énnert der Leedung vun purem Fraepower.

Sou an elo net méi laang gesabbelt, du wësst jo souwisou em wat et
geet.

Wéini: 1.+2. Dezember 2018

Rendez-Vous: Den 1. Dezember 2018 um 09:30 zu Leudelange- Gare

Material: Pic-Nic fir Samschdes Mëttes, Carry Mat, Schlofsak, e Rucksak voller
Informationen, 8 8techer,.....

Däin groussen Rucksak gëtt gefouert an däin klengen Rucksak hëllts du mat ob den
Trajet.

Umeldung: bis den 10. November 2018,
iwwert E-Mail paco_grizzly@hotmail.com oder Telefon 790238 / 691790238

Also bis dann um Rover-WE Wanter Editioune 2018.



Souche Kleeschen

fir de ganze Grupp

HO - HO - HO

Si schon ganz ongedölleg fir op Bouneweg an den Dall bei mèng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen mäin Féierdaag ze feieren. Dëst Joér gesinn mir eis allegueren den **7. Dezember 2018** am Home vun den Lions Bleus. Wéi èmmer brèngen ech Ierch dann waarmen Schocki an een rieseg an knusperéchen Kuchenmännerchen mat.

Also ech sin dann Freidesowes, den **7. Dezember Punkt 18:00 Auer** am Home bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mèngem groussen Buch checken op ech den Housécker brauch, well den brèngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joér OK waren, da kann deen aalen Granzsaack awer doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joér bëssi mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Aarbëcht um Bockel.

Dofir bieden ech Dëch, dass du och wiirklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an daat an dènger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **24. November** an mèng **Bréifkëcht** well soss verzweiflen mèng Engelcher erëm, wann së bis den leschten Moment nüt wëssen wèivill Thermoskaanen mat Schoki an wèivill Boxemännecher së mer sollen anpaacken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen
hei ass dem

also mèng Souche. Ech hun och ganz fläisseg
dèng Lidder geübt, an mèngen Elteren gesoot
dat ét wichteg wier den **7. Dezember 2018 an tip-topper**
Wanteruniform & um Punkt **18:00** Auer am Home
ze sinn, wëlls du en gestressten Kleeschen wiers.
Si kommen mèch esou géint
21:00 Auer nees beim Home ofhuelen.



Ënnerschrëft vun mèngen Elteren



—
オ
コ
ソ
ト
ノ
ホ
モ
ヨ
—
イ
キ
シ
チ
ニ
ヒ
ミ
リ

Konichihua! Han Yong Hasseyo!

CHING CHANG CHONG mir hun all schéin Biergschong !

Chineséch kënne mer nüt, och kee Japanësch. Mee mir wësse wéi ee Sushi mëscht an daat wärte mir elo testen!

Allerdéngs gi mir och zesummen akaafen! An zwar an den Asia Shop op d'Gare! Duerno gi mir dann an d'Home an maachen zesummen en asiatësch Festmahl!

Dofir komm a mell dëch séier un fir auszeprobéieren wéi déng eege Sushi schmaachen!




WEINI?

WOU?

WEIVILL KASCHT ET? 15

UMELLEN ?

SCHLUSS?



den 8. Dezember 2018 um 10h00

op der Gare Centrale de Luxembourg

EUR si mat ze bréngen op de Rendez-Vous

bis den 17. November 2018 bei dénge Cheffen.

den 8. Dezember 2018 um 21 Auer beim Home

Ech kommen mat op d'Asien-Sortie, den 8. Dezember 2018 an bréngen d'Suen mat op de Rendez-Vous.

Ënnerschrëft:



SchlittschongSORTIE

fir Beaver(BV)



Mir ginn Schlittschong fueren!

Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller an dofir gët ét héisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen!!! Mell dëch also schnell un fir dat mir och mat DIR e puer Pirouetten dréinen kënnen.

Wèini:

**Den 15.Dezember 2018 um 14:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier
(42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)**

Retour:

17:00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist

Präiss:

2€ sinn mat op den Rendez-vous ze brëngen + 2,5€ fir d'Locatioun vun Schlittschong

Souche:

ass oofzeginn bis spèidstens den 1.12.18 !!!

Waat brauchs du:

**Passend Kleeder undoën !!!
(Hännischen,Schaal...), eppes fir ze drénken an eppes Klenges fir ze iessen/Snack !!!**

BEAVERKLACK

Spitzky,Hawky,Keeo,TicTac,Inia,Quagga

**Heimat erlaaben echmëngem
Beaver.....
den 15.Dezember 2018 un der Schlittschong-Sortie deel ze
huelen.**



**.....
Ënnerschrëft**

Kréschtcamp, Weltrees“ fir d'Beaver(BV)



Den Leo Lèif huet sëch decidéiert eng Weltrees ze maachen an dìe flottsten Länner ze bereesen....an do hier Kulturen besser kennen ze lèieren!!! Dofir inviteiert hien all d'Beaver fir hien ze begleeden an mat him d'Welt ze erkunden. Natiirlech mat flotten Aktivitéiten, kulturellem lessen & ganz vill Spaß...

Wèini: 4.-6.01.2019

Rendez-vous & Retour:

Freides, 4.01.19 +/- 10 Auer op der Gare de Luxembourg.

Sonndes, 6.01.19 +/- 16 Auer op der Gare de Luxembourg.

(déi genee Auerzäiten kommen nach emol no...)

Präiss: 40€, sinn ze iwwerweisen bis den **15.12.18** op den Konto Les Lions Bleus-Beaver (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der mention : Weltrees & Numm vum Kand

Unmelldung: per Souche bis den 15.12.2018 oofzeginn bei den Cheffen!



Material: Schloofsaack an Pijama, klenge Rucksack, Bidon mat Waasser, Foulard, Täscheluucht, dem Wieder ungespannen Kleeder, Ersatzkleeder&Ënnerwäscht, Wäschsaachen, Gamelle&Kichenduch ...

Heimat mellen ech mäin Kand

..... fir de Camp den 4.-6.1.2019 un.

Datum..... Signature.....



KréschtCamp

fir Meute(LX)

Hey léif Wöllef,

Mäin Numm ass Flint Lookwood,

dir kennt mech bestëmmt aus dem Film "**Wolkig mit Aussicht auf Fleischbällchen**", wou ech d'Haaptroll hat.

Ech kontaktéieren Iech, well ech är Höllef brauch. Ech fänken un aal ze ginn, an ech brauch fäheg Léit, déi mir hellefen a méng Aarbëscht weidermaachen...

Dofir **sichen** ech déi **Beschten Käch** an déi **Beschten Wëssenschaftler !!!**

Wanns du mengs du wärs deen/déi Richteg/en, da möll dëch bei dénge Cheffen un fir den Musterungs-Weekend.

Mee sief dir bewosst, dat déi Aufgaben nüt einfach wärten ginn...



Rendez-Vous: Fréides, den 04.01.19 um 14:00 op der Gare Centrale LUX

Retour: Sonndes, den 06.01.19 um 15:00 beim Chalet Honsbësch
(175av. de la Liberté L-4602 Déifferdeng)

Präiss: **35 Euro** sinn bis den 15. Dezember 18 op den Compte:

Les Lions Bleus-Meute (BCEE-LU56 0019 4955 9099 1000) ze iwverweisen mat der Mentioun Kréschtcamp 2019 + Numm vum Kand.

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 8.12.2018 !!!

Waat brauchs du: Schloofsaack, dem Wieder ungepassten Kleeder (waarm Kleeder),
Biergschong, Händschen, Schaal, Mutz , Bidon, dem Wöllefchen séng 7 Saachen, ...



Heimat erlaaben echménge Kand
den 04-06.01.2019 mat op den Kréschtcamp ze goën.

Ënnerschrëft.....

**WOLKIG
MIT
AUSSICHT AUF
FLEISCHBÄLLEN**

TATORT : KRËSCHTDAAG

De Kommissär **Bruno Merkur** an séng Partnerin ermëttelen an engem Mordfall. De **Krëschtmännchen** ass embruecht ginn. An daat op brutal Art a weis... Allerdéngs feelt hinnen daat néidegt **Krëschtwëssen**. Dofir maachen sie en Opruff un den FBC (Federal Bureau of Christmas) fir hinnen ze hëllefen ... Wëlls du och hëllefen? Oder wars du ét? Oder dain beschte Koleeg oder Koleegin? Komm an fann et raus... wanns du déch traus...



WEINI?	Den 4. Januar 2019 um 9h00 op der Gare Centrale de Luxembourg.
SCHLUSS?	Den 6. Januar 2019 um 14h30 op der Gare Centrale de Luxembourg.
MATERIAL?	Déng Verkleedung kriss du nach matgedeelt... Soss brauchs de alles waat ee sou op engem Explorercamp brauch ;-)
PRAISS?	40 EURO sinn ze iwwerweisen op de Kont Les Lions Bleus - Explorer BCE LU30 0019 4955 9102 6000 bis den 2. Januar 2019 .
SOUCHE?	Ass oofzeginn bis den <u>10. Dezember 2018</u> bei dénge Cheffen...


CRIME SCENE - DO NOT CROSS CRIME SCENE - DO NOT CROSS CRIME SCENE - DO NOT CROSS CRIME SCENE - DO NOT CROSS

Ech mellen mëch un fir de Krështcamp 2019 vun den Explorer (4-6/01/2019) an këmmeren mëch drëm dass d'Suen rechtzeiteg iwwerwisen ginn.

Datum & Ënnerschrëft:

Souche Techuana 2019

Techuana '19



„Der Berg ruft“

Jo ét ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.

Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngeng, dëch verwinnen ze loessen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

Wien kann mat goën: jiddereen deen bis den 01.09.2018 --> 14 Joër kruut !

Rendez-vous: Freidesowes, den **15.Februar 2019 um 18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Zerëck: Sonndesmoies, den **24.Februar 2019 um 11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

Präiss: Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!
Daat heescht 380 Euros fir Transport, lessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 195 Euros fir den Skipass bezuelen.

Am Kloertext elo:

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen) --> bezuelen **380** Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **575** Euros.

(> Hues du keen eegent Skimaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 31.01.2019 mat der Mention "Techuana 2019".

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover“

Täschegeild: dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

Material: (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännchen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

Elterenversammlung: Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass Mëttwochs den 5.Dezember 2018 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklësch.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE	
	Ech erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover mat um TECHUANA-Wantercamp 2019 (15.-24.02.19) deelzehuelen. D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem Chef oofzegin, well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!
Datum&Ënnerschrëft	
SOUCHE - SOUCHE	

Programm Beaver

BV - Programm

Oktober

06.-07.	MONTEE	
13.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
20.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
27.	keng Versammlung (Vakanz)	



November

03.	keng Versammlung (Vakanz)	
10.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
17.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
24.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

Dezember

01.	keng Versammlung (LBB Rover-Weekend)	
07.	KLEESCHEN (Freides-owes !!!)	
08.	keng Versammlung	
15.	SORTIE	
22.	keng Versammlung (Vakanz)	
29.	keng Versammlung (Vakanz)	

Januar

04.-06.	KRËSCHT-CAMP	
12.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
19.	BeaverVersammlung	14:00-17:00
	dono LBB ASSEMBLEE GENERALE um Cents	
	Home FNEL beim Fetschehaff...	
26.	BeaverVersammlung	14:00-16:00



Beaverklack

Spitzky, Hawky, TicTac, Foxy, Elsa, Joly, GriGri

OKTOBER

06.-07.	MONTEE	
13.	Versammlung	14:00-16:00
20.	Versammlung	14:00-16:00
27.	keng Versammlung (Vakanz)	

NOVEMBER

03.	keng Versammlung (Vakanz)	
10.	Versammlung	14:00-16:00
17.	Versammlung	14:00-16:00
24.	SORTIE	



DEZEMBER

01.	keng Versammlung (RO-Weekend)	
07.	KLEESCHEN	
08.	keng Versammlung	
15.	Versammlung	
22.	keng Versammlung (Vakanz)	
29.	keng Versammlung (Vakanz)	

JANUAR

04.-06.	KRËSCHTCAMP	
12.	Versammlung	14:00-16:00
19.	Versammlung	14:00-17:00
	am Home FNEL dono LBB ASSEMBLEE GENERALE	
26.	Versammlung	14:00-16:00



Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Baloo, Hathi, Tschill, Raschka...

Programm Scouting SG - Programm



OKTOBER

- 06.-07. MONTÉE
13. Truppenversammlung 14:00-16:00
20.-21. JOTA-JOTI zesummen mat den MW/PI
27. keng Versammlung (Vakanz)

NOVEMBER

03. keng Versammlung (Vakanz)
10. Patrullenversammlung 14:00-16:00
17. Patrullenversammlung 14:00-16:00
24. Truppenversammlung 14:00-16:00

DEZEMBER

01. keng Versammlung (RO-Weekend)
07. KLEESCHEN
08. Patrullenversammlung 14:00-16:00
15. Truppenversammlung 14:00-16:00
22.+29. keng Versammlung (Vakanz)

JANUAR

- 03.-04. KRËSCHT-WEEKEND
12. Patrullenversammlung 14:00-16:00
19. Truppenversammlung 14:00-17:00
am Home FNEL & dono
ASSEMBLEE GENERALE
26. Patrullenversammlung 14:00-16:00

>>> TECHUANA‘18 >>> 15.-24.02.2019 (ab 14Joér!!!)



Lènks Patt

Tamia, Ketty, Charel & Aleksis ...

Programm RovEx RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche vir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d'Meiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vu Leit ze maachen. All Member am Alter vun 16-26 Joér ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass et, nei Fréndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entspricht an de Scoutsgeecht baibehällt an verdéiwt.

Méi Informatiounen bei dengen RovEx Cheffen...

OKTOBER 2018:

- 6.-7. GruppenMontée
- 13. RovEx Meeting
- 20.-21. Jota-Joti zu Mamer

NOVEMBER 2018:

- 10. RovEx Meeting
- 17.-18. SchaffWeekend
- 24. RovEx Meeting

DEZEMBER 2018:

- 1.-2. Roverweekend
- 7. Kleeschen
- 8. Asia-Day am Home LBB
- 15. RovEx Meeting

JANUAR 2018:

- 4.-6. RovEx Camp
- 13. FNEL EX Sportsdaag
- 19. RovEx Meeting
& Assemblée générale ab 17 Auer am Home FNEL (Cents)
- 26. RovEx Meeting

More to come...

Lenks TAP,
Aer RovEx Cheffen



RAPPORT Fest vun der Natur Wöllef



Samschden den 16. Juni hu mir eis allegueren um Parking vun der Kockelscheier getraff. Dann sinn mir eran an d'Fest vun der Natur gaangen. Nodeems mir dobannen woren, hu mir déi éisch Aktivitéit gemaach, wou mir Déieren mat hieren Spueren erkennen missen an dann hun Männer eis mat enger ganz waerner Eisenform een Déier an en Stéck Holz gebrannt. Dono hu mir getestet wéi staark mir vis-à-vis vun engem Päerd sinn. Dann hu mir eng Tombola gemaach déi enscheed huet wien d'Villercher fräigelooss huet. Nodeems sinn mir Klooteren gaangen an mir hun Wikingerschach gespillet. Duerno war ét leider färdeg an mir sinn glécklech Heem gaangen. **Clara**



PHOTOCOLLAGE P-Camp

Grupp



PHOTOCOLLAGE P-Camp

Grupp



RAPPORT FNEL Pow-Wow

Grupp



SonndesMoies den 8. Juli 2018, hun säch Lions Bleus allegueren um 9:30 bei der Kierch zu Stroossen getraff fir zesummen op de Pow-Wow ze goën. Um Wee fir dohinner huet ee schon lauter Schélder, Biller a virun allem aaner Scoutsgruppen begéint. Daat wor esou wèi een richtegen Cortège Richtung Zirkus.... Op der Platz ukomm sinn mir mol eis éischt bei eisen Poste gaangen deen eis Explorer an Cheffen den Dach virdrun opgeriicht haaten, an fir do mol als 1.Scoutsgrupp den Posten ze testen. Nodeems mir dann och eng Gruppenphoto gemaach haaten, sinn ma dann bei d'Bühn getréppelt fir Partie offizielle. Wéi all Joërs goufen hei Rieden gehaalen an d'Auszeechnungen un jidder Mann & Fra verdeelt. Bei eis goufen ét natíirlich och e puer Léit déi säch eng Auszeechnung ergattert hun. No der Partie offizielle sinn mir dann Brancheweis verschidden flott Poste maachen gaangen. An wéi all Joërs gouf ét hei Spiller a Basteleien fir all Mënsch. Vun Waasserspiller, Laafspiller, verschidden Bastelatelieren bis hin zu enger Zaubershaw !!! Mëttes gouf ét dann och ee gudde Wupp ze iessen an als Dessert eng Glass. Am Nomëtten hat dann och all Branche hiren Eliminatoiresposten ze maachen. Leider ass ét dann dës Joer ganz knapp nüt duer gaangen fir d'Trophee nees ze gewannen, mee da kréien mir së halt den nächsten Pow-Wow zu Munneref. No deem flotten Daach hun ma eis dann alleguerte Äddi gesoot mat enger Chaîne des adieux a sinn dann nees zeréck bei Kierch getréppelt wou Elteren schon op eis gewaart hun.

Adrien Flammang (Bagheera)



PHOTOCOLLAGE Pow-Wow

Grupp



RAPPORT Sail

Intergroupe



Puenktlech um 12 Auer haate mir Rendez-Vous zu Mamer beim Kinneksbond. D'Sonn stoung héich an d'Wieder huet perfekt no engem Sail ausgesinn. Nodeems de Bus geluede war, ass et och scho lass gaangen. Mat Vollgas si mir an Holland op Harlingen wou eis Booter schon op eis geward hunn. Géint 8 Auer ware mir dann do an no laangem Gekéiers mat de Bussen hu mir och schon eis Booter fonnt: Larus, Ideaal an Noordfries. An direkt ass et drems gaangen, d'Booter anzeriichten, ier mir eis un d'Plage gesaat hunn vir ze iessen. No deem laangen Traget war dann och jidderee midd an géint 11 loung Jiddereen an senger Kajütte

Moies huet den Hunn scho fréi gekréit an d'Booter sinn, no engem gudde Kaffi, prett gemaach ginn vir lass ze seegelen. Eis éicht Etape richtung Makkum ass lassgaangen. Mir sinn direkt an d'Ijsselmeer gefuer, wou mir e bëssen übe konnten wéi daat dann mam Seegel donctionnéiert. Wou dunn owes déi 3 Booter endlech am Hafen agelaaf ass, hu mir dunn ugefaang mat kachen. Déi déi wollten, konnten awer och schwammen oder dusche goen. Noom iessen stoung dunn och den Opening um Programm. D'Piraten hun sech am Café getraff an d'Scouten kruuten erzielt dass de Kapitän sai Schéff an seng Crew verluer huet... Mir hunn dunn nach en Challenge spill gemaach an hunn dunn erausfonnt dass et Daag drop op Vlieland waert goen.

Moies no e puer Startschwierigkeiten (de Kapitän vun der Larus souz op der Toilette) ass et dunn assgaangen richtung Vlieland. Leider wa do ännerwee deck Flaute, esou dass mir owes reltiv versaat ukomm sinn... D'Sonn war awer gut vertrueden esou dass sech hei déi éischt gut verbrannt hunn... Owes hu mir e klengt Spill an den Dünen vu Vlieland gemaach, niewt enger ganz léiwer awer ganz turistescher Staat. Mir loungen allerdengs all fréi am Bett : Vu Vlieland ass et dunn richtung Ameland gaangen. Allerdengs si mir dës Kéier net an en Hafen gefuer. Mir hun eis virun der Küst drësche faale gelooss an endlech konnte mer dunn mol bësse schwamme goën. Owes wa dunn Jiddereen op sengem Boot well mir io mam Anker dës Nuecht um oppene Mier loungen.



RAPPORT Sail

Intergruppe

Den Daag drop ass et moies fréi lass gaangen... d'Sonn wa just op dunn sinn d'Segele scho gehisst an den Anker gelicht ginn. Mir misste scho fréi lass seegelen well d'Ebbe an d'Fluut musse richteg stoen vir an Ameland eran ze seegelen. Leider ass et bei engem Boot net duer gaang. Esou huet d'Ideeal misse baussen dem Hafen stoen bleiwen. Sie sinn eréicht owes am Hafen agelaaf... Déi aaner hu sech awer mol d'Insel ugekuckt an esou sinn sie bis op déi aaner Sait vun der Insel un de Strand getrepelt. Owes sinn déi Aaner dunn och ukomm an mir konnten e klengt Nuetsspill maachen. Mir hun do Herzblatt gespilt.



Den Daag drop sollte mir eis erem drechen faale loessen. Dës kéier awer richteg. D'Larus ass do awer richteg hänke bliwwen. Nodeems mir Muschele gesammelt, Volleyball gespillet an geschwomme sinn, hu mir op d'Flut gewart. Allerdengs ass d'Waasser net esou vill komm wéi mir daat erwaart hunn. Esou ass d'Larus owes um 12 Auer oofgeschleeft ginn... 2 Stonne si mir gezu ginn...



RAPPORT Sail

Intergroupe



Dovir war d'Larus moies awer ab durch die Post laancht di aaner Booter geflitzt wéi déi mam Kaffi an der Hand op Deck stoungen. Op Terschelling schliesslech hu mir dunn 2 Deeg Rast gemaach vir dass mir genuch Zait haaten, eis d'Insel un ze kucken... Mir sin op d'Plage gaang, mam Velo fueren an schlussendlech, op eisem zweetleschten Daag, huet et dunn och mol ugefang mat reenen. Awer richteg.

De leschte Daag ass et dunn erem zereck op Harlingen gaang. Do ass d'Boot gebotzt ginn an de Bus huet eis pünktlech erem zu Letzebuerg oofgesaat...

Atra




PHOTOCOLLAGE Montée

Grupp



Dem LEO LEIWF séng Säit

Leo Léiw



Hierschgeschicht...

Großvater sucht die Farben des Herbstes
"Herbst ist orange", sagte das Kind. "Und grau."
Der Großvater blickte erstaunt auf. "Orangefarben und grau?"

Das Kind nickte. Es deutete über die Straße zum Marktplatz. "Ich sehe orange ... Und grau."

Der Großvater schüttelte den Kopf. "Viele Farben sehe ich", sagte er dann. "Und alle passen sie zum Herbst."

"Und welche Farben siehst du?" Die Stimme des Kindes klang etwas ungeduldig.

„Gelb“, sagte der Großvater und deutete zu den Kastanienbäumen und Birken bei der Kirche. "Ich sehe helles Zartgelb und ein strahlendes Hellgelb, ein Ockergelb und viel Gelbbraun. Schau hin! Der Herbst ist vor allem eine gelbe Jahreszeit."

"Die Sonne ,färbt' das Land gelb. Aber siehst du irgendwo die Sonne?" Das Kind deutete zum Himmel. "Es ist grau. Seit vielen Tagen schon."

"Das sind Nebelwolken. Der Sonne fehlt im Herbst oft die Kraft, sie aufzulösen."

Wieder nickte das Kind. "Und deshalb ist der Herbst grau."

"Und rot und grün ist er auch", versuchte es der Großvater aufs Neue und deutete auf das Weinlaub an den Fassaden der Häuser und die Tannen in den Vorgärten. "Siehst du? Rot und grün."

Wieder schüttelte das Kind den Kopf. "Die roten Blätter fallen immer mehr zu Boden. Und dann siehst du wieder das Grau." Es lachte. "Und graue Nebelfetzen sehe ich auch in den Tannen."

„Hm!“, brummte der Großvater, dessen gute Laune immer grauer wurde. "Herbst ist also grau."

"Und orange", beharrte das Kind.

Der Großvater sah sich um. Er schaute lange, doch er konnte die Farbe Orange an diesem nebeltrüben Herbstmorgen nirgendwo entdecken.

"Wo hat er sich denn versteckt, dein orangefarbener Herbst?", fragte er.

"Na hier! Komm mit!"

über die Straße zu den

farbene Herbst. Und davon

"Wovon?" Der Großvater

Kürbisse. Ein Meer unzähl- waren so viele, dass sie diesen zauberten. Orange und grau.

"Du Schlaumeier!" Der Groß-



Das Kind fasste den Großvater an der Hand und zog ihn Ständen auf dem Marktplatz. "Hier ist er, der orange-will ich ganz viele haben."

begriff erst nicht. Dann erblickte er sie. iger Kürbisse wartete auf dem Marktplatz auf Käufer. Es nebelgrauen Tag mit ihrem orangefarbenen Leuchten ver-

vater lachte.

Er lachte noch, als sie später vier riesig große Kürbisse, unter jedem Arm einen, nach Hause trugen und daraus vier prächtige Kürbisgesichter schnitzten.



OPGEPASST – NEI KOLLEKTIOUN

“Dir hudd émmer déi komësch blo Ploveren un.”

„Äer blo Ploveren si sou komësch geschnidden“

Kruut dir och émmer sou Saachen gesoot? Domat ass elo Schluss! Elo kriss du bei eis am Shop déi nei Kollektioun!

Starterpack T-SHIRT & HOODIE

FIR némmen 30 EURO

(All Member kritt dëst eemol fir 30 EURO, amplaatz vun 40 EUR déi zwee zesummen)

Nach vill aaner Saachen (Kaapen, Badger, ...) kommen no!
Informéier dëch um Site oder bei dénge Cheffen!



Eemoleg bestellen mir allerdéngs fir eis Oldschool-Lover nach op Commande
en **RETRO-Plover** (Aale Plover, neie Logo)
Hei gët ét XXS, XS, S, M, L, XL, XXL, XXXL ... fir 25 EUR/Plover
(awer keng Kannergrëssten !!!)



Dat selwecht gëllt fir ons Polo'n (Damen & Hären).
Allerdéngs sinn d'Polo'n némmen fir d'Cheffen an den Comité !!!

>>> D'BESTELLUNG w.e.g bis den 8. Dezember 2018 oofginn !!!

RETROSOUCHE --- RETROSOUCHE --- RETROSOUCHE --- RETROSOUCHE --- RETROSOUCHE --- RETROSOUCHE

Heimat bestellen ech _____

Unzuel		Gréisst
	Retro Pullover	
	Damen Polo	
	Hären Polo	



Datum & Ënnerschrëft _____

Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



LIONS BLEUS - nei Web-Säit

JO genee !

Géi och du **stöberen** op www.lionsbleus.lu, an fann do Infos iwwer Aktivitéiten, Photos vum PowWow / SummerCamp / GruppenVersammlung / Montée, Location chalet, LBB & FNEL-Shop & nach villes mèi

VILL Spaass gewënscht;)

!!! OPRUFF !!!

Denk drun **Photoen** eranzeginn (egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen. Schéckt dës ganz einfach **op** (foto@lionsbleus.lu)

POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz... an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart schècken?
Dann zéck nüt laang an schèck së op:
Les Lions Bleus BP 23 L-5801 Hesperange
Mir géifen eis jidderfalls freen an së an der nächster Wandrous publizéieren.
Also e Grond mèi > fir eng Vakanz :) :) :)



WOSM & fnel NEWS WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
Nouv.Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
17:00 - 19:00
Den ScoutsShop ass **ëmmer** **Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanz!!!



ALLGEMENG Datumer:

07/10/2018 LX FormationsSortie
12/10/2018 SG/EX FormationsSoirée
13/10/2018 BB Refresh
20-21/10/2018 Jota-Joti
27-30/10/2018 BV FormationsCamp
27-30/10/2018 LX FormationsCamp
27-30/10/2018 SG/EX FormationsCamp
27-04/11/2018 AllerhelljenVakanz :)

03-04/11/2018 CP FormationsWeekend
08/11/2018 Soirée CG
10-11/11/2018 Tronc Commun (1/3)
10-11/11/2018 25x MisärsHaff
18/11/2018 EX Hike
21/11/2018 CoGro
20/12/2018 Prost'it
22/12/06/01/18 KrëschtVakanz :)

Lions Bleus POST

PostKaarten & co.



et schéngt

et schéngt

- 01) wèi wann alt mol nees emol op RTL Falschmeldungen iwver de Scoutismus sollen verbreed ginn sinn...
- 02) wèi wann eisen High-Tech-Luxus Tiefkühler vun eis dringenst Summervakanz benèidegt.
- 03) wèi wann um Rover-Weekend well schon um Rendez-Vous Lèit versichen mat der Nues ze bremsen.
- 04) dat eisen Härr Gruppenchef wuel nüt dolaanscht kénnt sèch een neien/zweeten Hond unzeschaafen.
- 05) wèi wann mer um Pëngshtcamp an eiser Zirkusmannège groussen Besuch vun der Ekipp kruuten
- 06) dat een frèieren Scoutschef ,alias Nékkel' vill verliebtet ass an demnächst ènnert Hauf wärt kommen.
- 07) wèi wann an dësem Summer mol nees een bëssi mèi aussergwèinlechen Camp um Programm stoung.
- 08) dat eisen Äffchen Maki virun enger Zaït sain aale Patron ,Cargolux' verlooss haat fir een neien Challenge.
- 09) wèi wann ét nie langweileg gët/ass op eisem Grillstand um Virowend vun Nationalfeierdaag/Faakelzuch.
- 10) wèi wann eisen ,Zétteger Bier' am August och huet missen saïn halleft Joerhonnert akzeptieren.
- 11) wèi wann een op sou engem Sail zimlech muss oppassen&ausrechnen fir mat den Gezaiten ze segelen..
- 12) wèi wann LarusCrew daat nach vill besser maachen wollt & wuertwiirtlech op d'Sandbänk festgefuer ass.
- 13) wèi wann de Campfoulard vum Sail bei den Passagèier & Skipperen ganz gudd ukomm gewierscht ass.
- 14) dat dèi Booter all zimmlech knapp bemoossen Kojen & an zimmlech kuerz Better hun/haaten...
- 15) dat den Skipper vum Ideeal owes nom Dréchenfaalen keng Blann Passagèier um Boot tolleriert.
- 16) wèi wann een um Sail munchmol mengt den Steg hätt een EeegenLiewen, 1x Hèisch 1x niddreg...
- 17) dat den Sail e vollen Erfolleg wier an mir mat eisem 3 Segelbooter Ijssel- & Wattenmier beherrscht hun.
- 18) wèi wann d'Lions Bleus säit Ufank dëser Scoutsaison eng nei Kleederkollektion hun.
- 19) dat eis Gruppenversammlung mat der Maus Ketti am Park 3 Eeechelen den Kanner gefall haat.
- 20) wèi wann d'Montée och dës Joér nees eng super succès haat an vill Lèit mat dobai wollten sinn.
- 21) ...

et schéngt nüt némmer

et schéngt nüt némmer

- 01) dat den Holleréch-Garer Scoutsgrupp anscheinend dëst Joér 100 Joér géif feieren.....LBB>1914 ?!?
- 02) dat hien wuel lèiwer 30 Grad produzèiert anstatt wèi gewinnten/gefuedert 30 Grad MINUS 9
- 03) dat daat bluddeg ausgoung an wuel nüt den idealen Start wor fir esou begladdert op den Trajet ze goën.
- 04) wèi wann den Baloo dann wule eng Schwësterchen dobai kritt an zwar een sougenannten Minispitz :
- 05) dat eng Selection vum Commissariat vun der FNEL och wollten deelhuelen un eisem sexy Camp.
- 06) wèi wann do eisen aaneren Scoutschef nüt ganz Onschéllieg drun gewierscht ass, waat eis freeet.
- 07) dat d'Rover no 2015 nach 1x an Tansania dorower worn, awer dës këier fir zukünft. CH ze formèieren.
- 08) wèi wann hien sait kuerzem beim Hein schafft an dem Rat (wuelverd.Pension) sain Poste iwverholl huet.
- 09) dat mer tatkräfteg Ënnerstëtzung vun eisem Härr Premier kruuten an hien Grillzaang geschwongen huet.
- 10) dat hien dat ganz gudd verkrafft & gefeiert huet nom Slogan ét get een nüt aal mee eben just na besser.
- 11) dat daat nüt èmmer gelongen ass an sou Crew vum Ideeal virun Schiermonnikoog am Watt festhoung.
- 12) dat daat dèi mèi deier Alternativ wor an e Schlepper op Plaatz komm ass fir si nees op Spuer ze brèngen.
- 13) dat en engem Chef de Camp sou gudd gefall huet dat en en op engem aaneren Schéeff leien geloss haat.
- 14) wèi wann fir munchereen d'Kitchenbänk nom Staff méi konfortabel gwierscht wier fir ze schloofen.
- 15) wèi wann hien an dësem Fall ganz einfach Strèckleeder eropzidd fir den Problemerz e entgoën :
- 16) dat daat sëng Tücken haat, ét also nüt sou einfach wor fir sèch, Material & lessen un Deck ze krèien.
- 17) wèi wann mir kaum ze bremsen gewierscht worn am Segelen ,insofern mer iwverhaapt Wand haaten'
- 18) dat dës ganz gudd ukomm wier an sèch och schon an all den Branchen duerchgesaat huet.
- 19) wèi wann dës och ganz glècklech wor dat Kanner sou tätkräfteg gekämpft hun fir hier ze hëllefen.
- 20) dat mir dann lo och endlech nees eng reng EX-Unitèit hun, dèi sèch dann elo Alopex nennen.

les amis des Lions Bleus

amis LBB

M.Schintgen Claude, Goebbelz Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyn/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam. Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeyer Berthe, M.Grin Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, MM Jung Thomas, Fam. Zimer, Fam. Engel, ...

3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

oktober'18

Me	1	
Dë	2	
Më	3	
Do	4	
Fr	5	
Sa	6	MONTEE
So	7	MONTEE
Me	8	
Dë	9	
Më	10	
Do	11	
Fr	12	
Sa	13	BV/LX/TV/R-EX
So	14	COGRA
Me	15	
Dë	16	
Më	17	
Do	18	COMITÉ
Fr	19	
Sa	20	BV/LX JOTA-JOTI fir SG/EX/RO
So	21	JOTA-JOTI fir SG/EX/RO
Me	22	
Dë	23	
Më	24	
Do	25	
Fr	26	
Sa	27	
So	28	
Me	29	
Dë	30	
Më	31	

november'18

Do	1	
Fr	2	
Sa	3	
So	4	
Me	5	
Dë	6	
Më	7	
Do	8	
Fr	9	
Sa	10	BV/LX/PV/R-EX
So	11	
Me	12	
Dë	13	
Më	14	
Do	15	COMITÉ
Fr	16	
Sa	17	BV/LX/PV LBB SchaffWeek. / LBB SHOP
So	18	COGRA LBB SchaffWeekend
Me	19	
Dë	20	
Më	21	
Do	22	
Fr	23	
Sa	24	BV/TV/R-EX Sortie LX
So	25	
Me	26	
Dë	27	
Më	28	
Do	29	
Fr	30	

dezember'18

Sa	1	keng Versammlung RO-Weekend
So	2	RO-Weekend
Me	3	
Dë	4	
Më	5	
Do	6	
Fr	7	LBB KLEESCHEN
Sa	8	EX AsiaDay
So	9	
Me	10	
Dë	11	
Më	12	
Do	13	
Fr	14	
Sa	15	LX/TV/R-EX BV Sortie / LBB SHOP
So	16	COGRA
Me	17	
Dë	18	
Më	19	
Do	20	COMITÉ
Fr	21	
Sa	22	
So	23	
Me	24	
Dë	25	
Më	26	
Do	27	
Fr	28	
Sa	29	
So	30	
Me	31	

Allerlässt Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



fnel
scouts & guides



ECH freen möch schon elo,
waan nees allegueren LBB Arbëschts-
Fee'en & Kobolden zesummen kommen
fir eisen Home am gudden Zoustand
ze haalen ;)

* THAT'S ALL FOLKS